N°4432
Reçue le 30.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

No/réf : 5818 /mar
Affaire suivie par Maryse Fisch
Tel : 2478 5825

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
Luxembourg

Luxembourg, le 30 JUIN 2021

**Concerne : Question parlementaire no 4432 des honorables députés Monsieur Jeff Engelen et Monsieur Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune du Ministère de l'Egalité entre les femmes et les hommes et du Ministère de la Justice à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes salutations distinguées.

Taina Bofferding
Ministre de l'Egalité entre les
femmes et les hommes

198-000024-20040819-FR

**Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung teschend Fraen a Männer an der Justizministesch zu der parlamentarescher Fro n°4432 vun den honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER a Jeff ENGELEN iwwert déi alldeeglech Bekämpfung géint Sexismus**

Fir d'Regierung ass eng modern Gläichstellungspolitik tëschent de Geschlechter d'Viraussetzung fir eng participativ Gesellschaft déi op de Respekt vun de Mënscherechter fousst an jidderengem erlaabt säi perséinlecht Potential auszeschöpfen an zwar onofhängeg vu sengem Geschlecht.

Zil ass ët an alle Beräicher eng gerecht Opdeelung vun de Responsabilitéiten tëschent de Geschlechter ze ereechen an der Gewalt en Enn ze setzen. Zu Lëtzebuerg ass de legale Kontext neutral formuléiert: esou hu mer z.B. bei der Ratifikatioun vun der Istanbul géint all Forme vu Gewalt u Fraen de Champ d'application op all Mënsch ausgedeent, onofhängeg vu sengem Geschlecht.

Och wann een net däerf aus den Ae verléieren dass haaptsächlech Meedercher a Fraen Affer vu sexualiséierter a sexueller Gewalt sinn, huele mir, genau esou wéi d'Gestionnairen aus dem soziale Secteur, mat deene mir konventionéiert sinn, och männlech Affer eescht a bidden hinnen Hëllef un.

Eis Opklärungsaarbecht, sief et am Beräich vun der affektiver a sexueller Erzéiung, sief et wat de Kampf géint d'Geschlechterstereotyppen ugeet, riicht sech genau esou u Meedercher a Jongen an u Fraen a Männer. Grad am Beräich vun der sexueller a sexualiséierter Gewalt ass d'Preventiounsaarbecht déi wichtegste Pilier.

Am MEGA passe mer zB ëmmer drop op a Mediecampagnen, op Affichen oder am Kader vun neie Projet'en wéi z.B. dem Préventiounsthéâter géint Gewalt esouwuel Frae wéi Männer an der Affer- respektiv an der Täterroll ze weisen.

D'Regierung suivéiert déi auslännesch Legislatiounen, déi de "Catcalling" penaliséiert hunn (z. B. Frankräich an d'Belsch) an d'Effikassitéit vun de jeeweilegen Dispositiver, déi awer momentan net beluecht ass.

Effektiv ginn allgemeng wéineg Infraktiounen enregistréiert oder bestrooft, wärenddeem de Sondagen no, e grousse Prozentsaz vun de gefrote Persounen nach ëmmer Opfer vu Catcalling ass, trotz der Penaliséierung vun dësem Akt.

A Frankräich huet eng Etude vu Juli 2020 vun der Ëmfroagence Ipsos an « Fondation des Femmes » rapportéiert, dass 81% vun de Franséisinne schonn Opfer vu Catcalling waren, dovunner 26 % an de viregen 12 Méint.

An der Belsch waren engem Rapport vun 2016 vun der ASBL JUMP no, 9 vu 10 Frae scho mat sexisteschem Behuelen an der Ëffentlechkeet konfrontéiert. Eng Ëmfro vun 2019 vun der ONG "Plan international Belgique" huet rapportéiert, dass 91% vun de gefrote Fraen an 28% vun de gefrote Männer schonn Opfer vu Catcalling waren.

D'Justiz féiert keng Lëschten iwwer d'Hannergrënn vu Plainten. Et gi wuel Statistiken iwwer d'Zuele vu Condamnatiounen, Acquittementer, Non-Lieuen a Klassementer ouni Suitten no Infraktioune vun « attentats à la pudeur » oder vun anere sexuellen Delikter a Crimen an och vun « diffamation, calomnie an injure » opgestallt.

Fir allerdéngs gewuer ze ginn, ob am Ufank vun deenen Affäre Plainte stounge géintiwwer vu Männer déi sech am Endeffekt als onschëlleg erwisen haten, missten all d'Decisiounen, déi an deenen Affäre geholl goufen, duerchgekuckt gi, wat net méiglech ass.

D'Justiz gëtt net automatesch vu Suicide gewuer vu Persounen déi iergendwann eng Kéier an eng Sëtzung zitéiert waren. D'Hannergrënn vu Suicide gi net an der Justiz hirem System agedroen.